PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An enger parlamentarescher Fro vun 2019 (n°1133) hat de fréieren Deputéierten an haitegen Ëmweltminister d'Iddi opbruecht, fir eng Police-Unitéit anzeféieren, déi mat Päerd dobaussen ënnerwee sinn. Den deemolege Policeminister huet a senger Äntwert hei méi Nodeeler ewéi Virdeeler gesinn an dës Optioun dofir ausgeschloss.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit den aktuelle Minister d'Iddi vun enger Unitéit mat Päerd bei der Police?
2. Existéieren aktuell Initiative beim Ministère, fir esou eng Päerd-Staffel anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten